# d'Peffermillen

Esou haten d'Proffen an d'Fuerscher um Centre Universitaire sech d'Joer vum Bénévolat net virgestallt: Si krute matgedeelt, dass déi ënnert hinnen, di bis elo als Lycéesproff fir e puer Stonnen dohin détachéiert waren, dat vum Hierscht 2002 un nëmme mi nach an hirer Fräizäit kënnte man. De Koschter bezweiwelt, dass d'Qualitéit vun de Coursën am Lycée sugudd wi um Centre Universitaire doduerch wäert gewannen. A matt der Forschung nieft enger voller Tâche an der Schoul dierft ët da schnell eriwwer sin an su muenche Projet, dee Lëtzebuerg, säit et d'Gesetz vu 1987 gëtt, Luew an Unerkennung am Ausland abruecht huet, dierft domatt nees begruewe ginn, well fir seriö Fuerschung geet ët net duer, dass di puer Vollproffien vum CUnLux sech dran investéieren: dofir brauch een Equipen, di e bëssche mi zolitt sinn.

An hirem Publizitéits-Tamtam hat di nei Dageszeitung *Le Quotidien* virun allem hir Onofhängegkeet an d'Vitrinn gestallt. Schon an der Nummer 3 gouf de Lieser awer gewuer, vu wou de Wand bléist. Den Editorial huet den däitsche Grénge reprochéiert, si willten hir (pazifistesch) Iwwerzeegunge iwwert d'Koalitiounsräson stellen. De Koschter hat gemengt, mir hätte genug Zeitungen zu Lëtzebuerg, di d'Erhale vun der Muecht iwwert d'Gewësse stellen.

Et ginn dach nach eng Rëtsch Zeecheproffen am Land. Wéisou fënnt dann d'Kulturministesch kee fir den Direkter vum ‚Service des Sites et Monuments nationaux' z'ersetzen? De Koschter ass zwar der Meenung, dass ee fir déi Plaz am Fong nach aner Kompetenze misst matbréngen, mä d'Gefor, dass ee nach méi Feeler mecht wi deen aktuellen Direkter, ass net grad grouss. De Koschter versteet och net, dass d'CGFP net haart jäizt, well e Staatsbeamten, dee längst misst a Pensioun sinn, einfach esou als Privatbeamte kann vum Staat agestallt gin, fir sech selwer weider ze vertrieden.

**m.p.**